

Presentatioun vun engem Lëtzebuerger Lidd

Uweisung fir d'Léierpersoun:

D'Léierpersoun presentéiert d'Lidd vum Théiwesbuer mathëllef vun deem preparéierten Text an hirer Klass. Dës Presentatioun déngt den Apprenanten als Modell.

Mat menger kuerzer Presentatioun géif ech Iech gär d'Lidd vum Théiwesbuer virstellen.

Den Text vum Lidd ass vum Fritz Weimerskirch, dee vun 1895 bis 1971 gelieft huet. Vu wéini et ass, hunn ech net erausfonnt. Mee duerch de Kontext an d'Liewensdate vum Auteur kënne mer et ongefëier datéieren.

De Komponist gëtt néierens genannt, mee d'Melodie gëtt als „traditionell“ uginnt, et handelt sech ëm eng Walz.

D'Lidd kann een ënner anerem op der CD *Lëtzebuerger Lidder – Nei arrangéiert a komponéiert* fannen. Do gouf et nei arrangéiert vum Ivan Boumans.

Et gëtt verschidde Versiounen vum Lidd, woubäi den Text liicht variéiert, mee d'Ausso u sech awer déi selwecht bleift. [Théiwesbuer op Youtube sichen]

Mir lauschteren d'Lidd vun der CD elo zesummen an duerno ginn ech nach weider Informatiounen dozou. [d'Lidd virspillen an den Text dozou ausdeelen]

Wéi Dir héieren hutt a gesitt, besteet d'Lidd aus véier Strophen an engem Refrain.

An der éischter Stroph gëtt erzielt, wat de Kontext ass. Et geet ëm d'Awunner aus der Sichegaass am Pafendall, déi aus hiren Haiser musse plënnere, well d'Regierung dës Haiser kaaft huet, fir de Quartier ze sanéieren.

Déi dräi nächst Strophen erzielen, wat verschidden Awunnerinnen zur Situatioun soen a wéi ënnerschiddlech si op d'Situatioun reagéieren. Déi eng wëll sech wieren, déi aner huet Angscht, nach eng aner sicht no enger Léisung. Si ginn och beim Numm genannt (d'Stole Broscht, d'Siss, d'Kätt).

Ech kommen elo méi am Detail zum Kontext vum Lidd.

Den Text vum Lidd weist dorop hin, datt et zu där Zäit Problemer an der Sichegaass gouf.

Fréier huet d'Sichegaass „Rue des Tisserands“ geheescht. Aus dem Numm geet ervir, datt fréier do Wiewer gelieft hunn.

Zënter 1925 heescht se awer offiziell Rue Saint-Mathieu, nom Schutzpatréiner vun der Kierch niewendrun. Um Enn vum 19. Joerhonnert hunn haaptsächlech Lompekréimer, Kesselflécker an aner méi „rau“ Gesellen do gewunnt. Dowéinst huet ënner anerem de Komponist Laurent Menager 1895 mat anere Pafendaller e „Wohnungscomité“ gegrënnt, dee sech ënner anerem ëm déi „insalubre“ Stroossen am Dällche sollt këmmere.

Tëschent 1897 an 1920 sinn d'Haiser vun der Sichegaass no an no vum Staat opkaf ginn. An den 1920er-Jore sinn d'Haiser aus hygieenesche Grënn ofgerappt ginn, d'Leit hu misse plënnere an deelweis esouguer a Rulotte liewen. [Foto weisen, z. B. aus der Brochure *Au fil de l'eau*. Ons Stad 121, 2020]

Fir géint d'Sanéierungspolitik vun der Stad ze protestéieren, huet de Fritz Weimerskirch dëst Lidd geschriwwen.

D'Lidd ass och ënnert dem Titel „D'Madammen aus der Sichegaass“ bekannt.

Den Théiwesbuer, no deem d'Lidd genannt ass, ass en ale Buer niewent der Kierch Saint Mathieu (dofir den Numm „Théiwes“) am Pafendall an der haiteger Rue Saint-Mathieu. Fréier hunn d'Leit d'Waasser aus dem Buer als Dréinkwaasser, mee och fir d'Wäsch ze maache benotzt. De Wäschbuer an den Théiwesbuer sinn nach haut ze gesinn. [Foto weisen]

D'Liewen an der Sichegaass huet awer och aner Kënschtler fasziniert, esou fanne mir d'Sichegaass direkt an e puer Lidder erëm: „De Breedewee an d'Sichegaass“ vum Fritz Weimerskirch, „D'Sichegaasser“ vum Léo Berchem (Musek: Bernard May), „De Lompekréimer“ vum Léo Berchem (vum Mich. May vertount) etc.

Et gëtt och eng modern Versioun vum Refrain vum Lidd, an zwar heescht et do:

„Kanner, o Kanner, o quel bonheur,

Mir hunn elo en Ascenseur!“

Dat bezitt sech op de Pafendaller Lift, deem zënter 2016 d'Uewerstad mam Pafendall verbënnt. [Foto weisen, z. B. aus der Brochure Au fil de l'eau. Ons Stad 121, 2020, S. 40]

Domat ass meng Presentatioun iwwert dëst lëtzebuergesch Lidd a säi Kontext fäerdeg. Merci fir d'Nolauschteren. Merci fir Är Opmierksamkeet.

Hutt Dir nach Froen?

- 1. Sicht Iech e Lëtzebuurger Lidd eraus. Preparéiert eng Presentatioun vun deem Lidd, an där Dir op säin Text an op säin historieschen a gesellschaftleche Kontext agitt. Sot och, firwat Dir grad dat Lidd erausgesicht hutt an illustréiert d'Informatiounen aus Ärer Presentatioun mat audiovisuelle Supporten. Orientéiert Iech un der Presentatioun vum Lidd vum Théiwesbuer.*



Literatur Lëtzebuurger Lidder
Sprooch Musek op Lëtzebuergesch